N° 1
Entrée le 24.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 25.10.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel Wolter
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz & Justiz weiderzeleeden.**

D'Bauentreprisen am Land stinn no der Covid-Kris, der Energiekris an den elo falende Präisser a Verkafszuelen um Wunnengsmaart viru groussen Erausfuerderungen. Retarde bei der Liwwerung vu Matières Premièren a bei der Fäerdegstellung vu Projete sinn net seelen. Och Faillitten a Verzögerunge bei der Bezuelung komme vir. Rezent war beispillsweis de Wunnprojet an der Cité Ouschterbuer zu Uewerkuer an de Medien thematiséiert ginn, well de Promoteur d'Bauentreprisen zäitweileg net bezuele konnt an d'Chantieren dofir net méi weider goungen. Fir d'Clienten, kënnen esou Problemer mat héije Käschte verbonne sinn, wann si d'Zäit bis zur Fäerdegstellung vun hire Projeten iwwerbrécke mussen. Ëmmer nees kënnt et vir, dass Clientë Bauentreprisen an/oder Promoteure souguer virun d'Gericht huelen, well si keng aner Léisung méi gesinn.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Zuelen doriwwer, wéi oft et virkënnt, dass Privatleit géint Promoteuren/Maître d'ouvragen kloen?
   Falls jo: Wéi hunn dës Zuelen an de leschten 10 Joer evoluéiert:
   - Wéi vill Fäll waren et pro Joer?
   - Wéi oft hunn d'Clientë géint de Promoteur/Maître d'ouvrage pro Joer gewonnen?

2. Wéi gesinn der Regierung hier Pläng aus, fir de Bausecteur an d'Clienten duerch déi aktuell schwéier Zäiten ze begleeden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten